Stroossen, den 12.12.2018

**Presse-Communiqué**

Den CA vun der FLVB huet mat ganz vill Interessi déi 2 Interventiounen vun RTL (Internetsäit vum 3.12.2018 an de Radioreportage vum 11.12.2018) verfollegt. Mat Erstaune stelle mer fest, dass vill vun deenen Aussoen absolut net der Wourecht entspriechen an erlaben eis heimadder verschidden Aussoen richteg ze stellen.

Zur Ausso: „des Keier fällt deen Tournoi also ewech, och, ass ze héieren, well ee sech an der Volleyballsfederatioun ze spéit richteg dräms gekëmmert huet, fir ze kucken, en anständegen Plateau vun Géigner zesummenzestellen“ wëlle mer bemiirken, dass mer esou fréi u waren ewéi nach nie fir Equipen op déi 32. Editioun vum Novotel Cup ze invitéieren. Mir verweisen nach eng Keier op eisen Commmuniqué vum 3.12., wou sämtlech Grënn opgezielt sinn wirwat mer déi 32. Editioun hu missen ofsoen.

Zur Ausso: „Souwäit eis Informatioune sinn, ass och elo direkt nach kuerzfristeg näischt virgesinn, wou een an offizielle Kompetitounen de kompetitiven Noweis vun der Equipe kréich“ a weider „Dee läschten offizielle Lännermätch hunn d’Lëtzebuerger Dammen ebe grad, bei der leschter Editioun vum internationalen Tournoi an der Coque zejoert gespillt“ bleiwt ze soen, dass RTL total um Holzwee leit.

Den 8. a 9. Juni 2018 hun eis Dammen um 4. Memorial Paolo Benvenuti deelgeholl, wou sie géint 2 italienesch Equipen aus der Seria B, CSI CLAI IMOLA (3-1 Victoire) an MY MECH CERVIA VOLLEY (0-3 Neierlag) gespillt hun. Mat vun der Partie war och d‘Nationalequipe vu San Marino, wou och e Frendschaftsmätch gespillt gouf. (op eiser Homepage ze fannen).
Des weideren haten eis Dammen en offiziellen Mätch am Kader vun der 10. Trophée Deni Krivova géint den Terville Florange Olympique Club, den 20. Abréll 2018 zu Esch. (op eiser Homepage ze fannen).
Den 22. + 23 Dezember 2018 spillen eis Dammen zwee offiziell Testmätcher géint HUIZEN (2. holläneschen Liga an dem Carla Mulli säin aktuellen Veräin). Um Enn vum Joer fannen nach weider 2 offiziell Testmätcher géint den Terville Florange Olympique Club statt. Weider Infoen heizou kommen zu engem speideren Datum no. Net speider ewei den 14.11.2018, gouf um Kongress vun der Small Countries Division, festgehalen, dass eng Seniorseditioun 2019, mat enger Finalronn am Mee an enger Qualironn am März/Abréll soll stattfannen. Hei warde mer op den offiziellen Courrier vun den SCD. Falls keng SCD Qualironn sollt stattfannen, wärt d’FLVB, zesummen mat sengem Trainerstaff, eng Alternativ fannen fir dass eis Dammen sech en bonne et due forme op d’JPEE 2019 kenne preparéieren.
Et bleiwt nach ze erwähnen, dass d‘FLVB hier Senior Dammen fir den SCD Tournoi 2018 gemellt hat, mee leider gouf dësen Tournoi annuléiert, well, aus diversen Grënn, net genuch Equipen gemellt haten.

Fir ofzeschléissen wëlle mer nach op folgend Ausso agoen: „Beim COSL ass een sech der Problematik bewosst. An noer Zukunft gëtt dat beim Comité Olympique och e Sujet. Et misst een dann och mat der Federatioun kucken, wat si proposeiert, fir e kompetitiven Noweis ze kréien“.
Mir wëllen drop opmierksam maachen, dass d'Kritären vum COSL am Indoorberäich Folgendes besoen: „Seront pris en considération pour la sélection des équipes, les résultats obtenus par les équipes nationales hommes et dames lors des matches internationaux arrêtés par le COSL, sur proposition de la FLVB. ». Dësen Kritär ass valabel vum 1.5.2018 bis den 29.4.2019.

Wéi der also gesidd, léien eis Dammen voll am Soll fir kennen éligibel fir d'JPEE 2019 a Montenegro ze sinn! Vu welcher Problematik get also geschwat? Et leeft alles säi normale Wee. Op Ufro vum COSL wärte mer, wéi an der Vergangenheet och, sämtlech Resultater vun all eisen Equipen, Indoor a Beach, eragin an da wärt de COSL, ewei bei den fiirechtegen Editiounen och, seng Décisiounen treffen.

Den Conseil d'Administration vun der FLVB géif sech fir Zukunft wënschen, dass RTL offiziell beim Verband géif Informatiounen anhuelen, éier se nemmen eesäiteg „hiren Informatiounen no…“ bericht.
Mir verlangen och, dass eise Communiqué integral als Géigenduerstellung op der RTL Säit publizéiert gët, fir sämtlech Mësstänn aus dem Wee ze raumen.

De Conseil d'Administration vun der FLVB

NOVOTEL HOTELS, SUITES & RESORTS · LOTERIE NATIONALE · voyages emile weber · ASPORT sport + fashion + lifestyle sports meet fashion · LUXEMBOURG LET'S MAKE IT HAPPEN